N˘ 4320
Entrée le 24.06.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 8 |
|---|---|
| Référence : | |
| 26 JUIN 2026 | |
| A traiter par<br>Copie à | |

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

De „Crémant de Luxembourg“ ass e wichtegt Qualitéitsprodukt vun der Lëtzebuerger Wäin- a Vitikultur. Hie steet fir e spezifescht Know-how, eng kontrolléiert Produktioun an eng kloer geographesch Hierkonft. Am Kader vun der „Appellation d'Origine Protégée – Moselle Luxembourgeoise“ spillt de Schutz vun der Hierkonft an der Qualitéit eng zentral Roll fir d'Image an d'Wäertschätzung vun eiser Muselregioun.

Gläichzäiteg gëtt international ëmmer nees op Problemer mat Kopien, Mëssbrauch vu geschützte Bezeechnungen oder Fälschunge vu Wäin- a Schaumwäinprodukter higewisen.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ass der Madamm Ministesch bekannt, ob et beim „Crémant de Luxembourg“ schonn zu Kopien, Fälschungen oder Mëssbrauch vun der geschützter Bezeechnung komm ass?
- Gesäit d'Madamm Ministesch Méiglechkeeten, de Schutz vum „Crémant de Luxembourg“ nach weider ze verstäerken?
- Gëtt et eng Strategie, fir de „Crémant de Luxembourg“ international nach méi staark als geschützt a qualitatiiv héichwäertegt Lëtzebuerger Produkt ze positionéieren?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4320 vun dem éierewäerten Deputéierten Ben Streff**

**- Ass der Madamm Ministesch bekannt, ob et beim „Crémant de Luxembourg“ schonn zu Kopien, Fälschungen oder Mëssbrauch vun der geschützter Bezeechnung komm ass?**

Bis haut ass kee Fall vun enger bewosster Fälschung vum **Crémant de Luxembourg** festgestallt ginn. Et kënnt allerdéngs vir, datt am HORECA-Secteur e Produit als „Crémant de Luxembourg“ ugebuede gëtt, obwuel et sech tatsächlech nëmmen ëm e Qualitéitsschaumwäin (Vin mousseux de qualité) handelt. Dës Situatioune sinn an der Reegel op eng mangelhaft Kenntnis vun de Produite beim Personal zeréckzeféieren an net op eng bewosst Täuschungsabsicht. Bis elo ass keng betrügeresch Produktiouns- oder Vermaartungspraxis beim “Crémant de Luxembourg” festgestallt ginn.

**- Gesäit d'Madamm Ministesch Méiglechkeeten, de Schutz vum „Crémant de Luxembourg“ nach weider ze verstäerken?**

D'Bezeechnung „Crémant de Luxembourg“ ass op europäeschem Niveau juristesch geschützt. Op nationalem Niveau gëtt d'Anhale vun de Reegelen duerch de Service du contrôle du vin vum Institut viti-vinicole iwwerwaacht. Donieft goufe scho Sensibiliséierungs- a Kontrollaktiounen, notamment mam IVV, der ALVA an der Douane- an Akzisverwaltung, duerchgefouert. De Schutz kann duerch weider Informatioun, Kontrollen a Sensibiliséierung nach verstäerkt ginn. Falls dat noutwendeg sollt ginn, wäerten entspriechend weider Moossnamen ergraff ginn.

D'Qualitéitsufuerderungen, d'Erausfuerderunge fir d'Filière souwéi déi technesch a reglementaresch Entwécklunge ginn am Kader vum “Congrès national des Crémants de France et de Luxembourg” thematiséiert. Ech hunn 2025 an 2026 un dësen Echange deelgeholl an d'Uleies souwéi d'Bedenke vun de lëtzebuergesche Produzente konsequent ënnerstëtzt, mam Zil, d'Qualitéit an d'Bekanntheet vum Crémant de Luxembourg ze erhalen an ze verstäerken.

**- Gëtt et eng Strategie, fir de „Crémant de Luxembourg“ international nach méi staark als geschützt a qualitativ héichwäertegt Lëtzebuerger Produkt ze positionéieren?**

Jo. D'Strategie baséiert op enger klorer Identifikatioun vum authentesche Produit duerch d'Mentioun „Crémant de Luxembourg“ um Etikett, d'offiziellt Récketikett vun der AOP Moselle Luxembourgeoise an d'Kapsel mam gemeinsame Logo vun de Vins et Crémants de Luxembourg.

Zousätzlech goufe Kommunikatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen am In- an Ausland duerchgefouert. Eng verstäerkt Zesummenaarbecht mam HORECA-Secteur soll weider dozou bäidroen, Verwiesslunge mat anere Schaumwäiner ze reduzéieren.

Am Kader vum gemeinsame Marketing vun de Wënzerorganisatioune gëtt permanent u Verbesserung geschafft, woubäi nei Exportmäert geziilt erschloss ginn.

Lëtzebuerg, den 14. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau